



Madamm Teresa MONTEIRO

Gemengeconseiller

30, route de Longwy

L-4750 PETANGE

Referenz :2024.64365.SECR

Péteng, den 2. Januar 2025

Betreff: Är Froe vum 2. Dezember 2024

(Den Dossier gëtt bearbecht vum Här Thierry Balance - Tel. : 50 12 51 – 2045)

Madamm Teresa Monteiro,

An Ärem Bréif vum 2. Dezember 2024 stellt Dir dem Schäfferot folgend Froen :

Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,

An de Gemengerotssätzungen gi reegelméisseg Budgetsupassungen ugefrot a gemaach, fir d'Rechnunge vun ënnerschiddlechen Aarbechten ze bezuelen déi nach opstinn.

Déi Zousazkäschte ginn ënner, "credit spécial", "crédit supplémentaire" oder als "devis adapté" gefouert.

An deem Zesammenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech folgend Froen stellen:

- 1. Wéi oft ass keen zousätzleche Kredit ugefrot ginn, bei Projeten déi zënter 2021 lafen?*
- 2. Wéi eng Zomme vun den Zousazkäschten kennt eraus, wann een all "credits spéciaux, crédits supplémentaires a devis adaptés" zesummerechnet, am Zäitraum vun de lëschte 4 Joer?*

Mat Respekt,

*Teresa Monteiro
Gemengeconseiller*



Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

Am Zäitraum vun 2021 bis elo sinn am ganzen 92 Devis'en an 12 Crédits spéciaux fir nei Projete gestëmmt ginn. An 96 vun 104 Dossiere war keen Crédit supplémentaire néideg.

Zu der Fro 2 folgend Informatiounen :

- En Devis adapté ass een Devis deen no neien Erkenntnisser opgestallt a rektifizéiert ginn ass. Dat kann zur Suite hunn dat ee Crédit supplémentaire gestëmmt muss ginn.
- Ee Crédit spécial par contre ass am Kader vun engem neie Projet unzegesinn, deen op Basis vum engem neien Devis am Laf vum Exercice gestëmmt gëtt.

Wéi dir liest sinn dat zwee verschidde Puer Schong an et mécht kee Sënn déi zesummen ze rechnen. Een Devis adapté an ee Crédit supplémentaire sinn deemno just eng eenzeg Hausse vum Coût.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär,

De Buergermeeschter,